N°2609
Entrée le 18.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 2609 vum 15. Juli 2025 vum honoraablen Deputéierte Jeff ENGELEN**

**Virbemierkung**:

An der parlamentarescher Fro gëtt op d' "Lëtzebuerger Dateschutzgesetz vum 1. Abrëll 2018" verwisen.

Et kann een dovun ausgoen, datt den honoraabelen Deputéierten op d' "Loi du 1er août 2018 portant organisation de la Commission nationale pour la protection des données et du régime général sur la protection des données" verweise wollt.

Dëst Gesetz stellt d'national Ëmsetzung vum europäesche Reglement (EU) 2016/679 vum 27. Abrëll 2016 (Règlement général sur la protection des données – "RGPD") duer, deen zënter dem 25. Mee 2018 direkt uwennbar ass.

Laut Artikel 1 vum Gesetz vum 1. August 2018, ass d'Gesetz nëmmen applikabel fir Traitementer, déi net vum RGPD ofgedeckt sinn. Ausserdeem enthält d' Gesetz am Titel II spezifesch Dispositiounen, déi den RGPD komplettéieren, zum Beispill fir de Fall vu statistesch Recherchen.

D'Situatiounen, wéi se an den zitéierten Dispositioune vum ASBL Gesetz ("Loi du 7 août 2023 sur les associations sans but lucratif et les Fondations") virgesi sinn, sinn eigentlech duerch den RGPD ofgedeckt (cf. Artikel 2 vum RGPD). D'Äntwert op d'parlamentaresch Fro limitéiert sech deemno op den RGPD. Esouwäit et sech hei ëm eng Uwendung vu Gesetzer handelt, gëllen déi follgend Explikatiounen ënner dem Virbehalt vun der Interpretatioun, déi vun de zoustänneg Autoritéiten oder Geriichter kéint gemaach ginn.

1. **Kann d'Madamm Minister allgemeng präziséieren, ob an a wéi wäit déi zitéiert Paragrafe konform si mam Lëtzebuerger Dateschutzgesetz vum 1. Abrëll 2018?**

Den RGPD viséiert d'Notioun vu "Traitement". D'Notioun couvréiert och d'Consultatioun an d' Kommunikatioun vu perséinlech Donnéeën. Den Zougrëff vun de Memberen op Dokumenter um Sëtz vun der Associatioun oder d' Recht fir eng Kopie vun Dokumenter ze kréie kann deemno als Traitement consideréiert ginn.

Fir mam RGPD konform ze sinn, muss een Traitement, wéi den Zougrëff, verschidde Prinzippie respektéieren:

- de Prinzip vun der Zweckbindung (*Art. 5 §1 b RGPD*): an deem Fall, déngt d'Consultatioun der Transparenz bannent der Associatioun;
- de Prinzip vun der Donnéeëminimiséierung (*Art. 5 §1 c RGPD*): nëmmen déi perséinlech Donnéeë gi consultéiert, déi fir d'Ausübe vun de Rechter als Member noutwendeg sinn;

- de Prinzip vun der Sécherheet (Art. 32 RGPD) : d'Consultatioun op der Plaz limitéiert de Risiko vun net autoriséierter Beaarbechtung vun Donnéeën.

En Traitement muss och "licite" sinn. An dësem Fall, ass den Traitement "licite" well dee vum Gesetz virgesinn ass (*Art. 6. §1 c RGPD*).

**2. Kann d'Madamm Minister méi spezifesch präziséieren, ob a wéi wäit déi zitéiert Paragrafe konform si mam Lëtzebuerger Dateschutzgesetz, am Fall wou e Member vu enger bestëmmter ASBL eng Kopie vun internen Donnéeën- esou wéi uewen zitéiert- vun dëser ASBL ausgehändegt wëll kréien?**

De Paragraph 2 vum Artikel 9 vum ASBL Gesetz vum 7. August 2023 gesäit Follgendes vir: "*Tout membre peut demander une copie ou consulter au siège de l'association le registre des membres*".

D'Iwwergab vun enger Kopie, am Géigesaz zu enger renger Consultatioun, kéint eng méi wäitreechend Donnéeëveraarbechtung duerstellen.

D'Iwwergab vun enger Kopie ass awer net per se am Widdersproch mam RGPD, ënnert der Viraussetzung:

- datt si engem legitimmen Zweck déngt,
- datt nëmmen déi strikt néideg Donnéeë weidergi ginn,
- an datt adäquat Sécherheetsmoossname geholl ginn, wéi beispillsweis d'Ënnerschreiwe vun engem Verpflichtungsschreiwes zum Dateschutz an zur Vertraulechkeet.

Well d'ASBLe selwer dem RGPD ënnerleien, si si verflicht, entspriechend intern Garantien a Prozeduren anzeféieren (z. B. Dokumentatiounspflichten, limitéierten Zougang, Sensibiliséierung vun de Mataarbechter).

Och d'Memberen, déi eng Kopie kréien, ënnerleien dem RGPD: Si gëllen als Responsabel fir d'Weiderveraarbechtung vu perséinlechen Donnéeën a si verflicht, Donnéeën net ze mëssbrauchen an all onzoulässegen oder falsch-intentionéierte Gebrauch ze vermeiden. Och hei gëllt de Prinzip, datt weider Traitementer "licite" musse sinn, am Sënn vun den Ufuerderunge vum Artikel 6 vum RGPD.

D'Méiglechkeet fir engem Member eng Kopie vum Memberregister ze ginn, ass mam RGPD kompatibel, soulaang d'Praxis gerechtfäerdegt, proportionéiert a kloer encadréiert ass. Et soll och drun erënnert ginn, datt nëmmen déi aktuell Memberen esou eng Ufro dierfen areechen an och selwer un d'Reegele vum Dateschutz gebonne sinn.

Lëtzebuerg, den 18 August 2025

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue